N°4389
Entrée le 03.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.07.2026

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 3. Juli 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un d'Madamm Sportsministesch weiderzeleeden.

Vum 17. Juli un, wäert d'Schwämm an der Coque fir zwee Méint, also bal de ganze Summer iwwer, zougemat ginn, fir gréisser Ënnerhaltsaarbechten ze realiséieren.

Nun ass awer gewosst, datt et am Sous-sol vun där Schwämm en zweete vollwäertege 50-Meter-Baseng gëtt, den net vun dësen Aarbechten impaktéiert ass.

Dofir stellen ech der Madamm Sportsministesch gär follgend Froen:

- Ass et méiglech, den zweete Baseng, dee virun allem vum Schwammsport genotzt gëtt, ënner gewësse Conditiounen och fir d'Fräizäitschwëmmer opzemaachen?
- Kann esou eng Solutioun schonns ab dem 17. Juli gëllen?

Mat déiwem Respekt

Mars Di Bartolomeo

Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu